


[485]

Bd. N° 122.

A6-28



die Präsident an der Mo'sschiden

Leschtege Musikantestréch

an 2 Akten

vum Jacques BIEGEL.

All Rechter virbehalein.



Letzeburg 1930
Drock a Verlag vum P. WORRE-MERTENS
J. P. WORRE, Nofolger



PERSO'NEN:

De Jängel, e pensionne'erten Eisebunnert.


D'Kätt, seng Fra.

De Commi, Präsident vum Festkomité.

De Jull,

Den Albert, | Musikanten.

Den Emil,



Den 1. Akt dre't sech zo' am Besch. — D'Musek feiert hirt Waldfest. — D'Bün stèllt de Kiosk dur. — Sie ass mat Dännebém a Girlanden ze reschten. — Rechts ass den Entrée. Wann de Rido opgët, spielt d'Musek en Danz hanner de Kulissen. — De Commi, den Emil, den Albert an de Jull danzen op der Bün mat Jofferen aus dem Publikum. — De Schnappsjängelchen danzt fir sech eleng; e stèllt sech voll. Ass den Danz zo' Enn, sét en zum Commi.

1. Scén.

Jängelchen: Wat méngst de Commi, wa mer emol ênt ge've sangen.

Commi: Natirlech Jängelchen, sang du ons emol e Lidd, ech hellefen der, wann ech et kann; an dèr Zeit können d'Musikanten emol e Schotz huelen. — Silence, dir Herrschaften!

Jängelchen: (séngt)

1. *Lidd.* (Op d'Weis: Wir sitzen so fröhlich beisammen.)

1.

Mir sin haut eso' leschteg zesummen,
A mir fei'ren onst gro'sseg Waldfest.
Mir setzen am Besch an de Blummen,
A mir fréen ons op d'allerbësch.

2.

O, kuckt we' ons Médercher lâchen,
A we' sin sie so' flott erausgemât,
O, kuckt we' se hier an duer lafen,
Sche'ner fand der këng an der Städt.

Dir sit ons allegurte wellkommen,
Dir le'f Leit vun dem Land, aus der Stt,
Mir spsen zesummen e puer Stonnen.
I  sst an drenkt iech allegurte pupp sat.

Dir Damen, dir H  ren, sit leschteg —
A vergiesst haut all L  d an all Plo.
W  ll d'Wi  der dat ass haut eso' pr  chteg.
Onsen Himmel eso' sche'n an eso' blo.

(W  rendd  m de J  ngelchen d'Lidd sengt, gin de' aner sche' ronderem ass we' an engem Danzsal. Wann e f  rdeg ass mat sangen da gin s'em d'H  nn, gratule'eran a ruffen: Vive de J  ngelchen!)

Emil: Kuck den ale Schnappskineck, a we'ni huet en dat elo dann n  s zesummegekn  tzt.

Albert: Dem J  ngelche seng Schirbel ass net auszesch  ffen.

J  ngelchen: A jo, mei le'we Jong, wann all Mensch eso'vill am Kapp h  tt, ass ewe' ech am Bauch hun, da wiren ons Hittbutecker schlecht drun. (De' aner l  chen.)

Albert: O J  ngelchen, wat get dir der i  wel erop — wann dat eso' wir, dann h  tte mer jo Treipen am Kapp.

J  ngelchen: Nach me' we' dat. Eist K  tt h  tt mer de Metteg gequellte Grompere mat enger Porettenzapp gemat, fir dass ech dem Gaz an dem W  sser haut sollt gut lass gin. (Alles l  cht.)

Commi: (H  lt d'Auer eraus a s  t:) Jongen, elo danze mer nach   n, an dann ass et Schluss. 'T ass gleich 9 Auer, 't get Zeit fir h  m ze goen.

Emil: Oho, eso' se'er g  t dat dach net — et ass dach nach gur net deischter.

Commi: (Klappt sech mat der Hand op d'Broscht a s  t) Net gemault, hei ass de Pr  sident vum Festkomit  . Ech si massgebend an d  ne S  chen.

Emil: Ass da k   B  l me' am Duerf?

Commi: Dach, a Fissen ass Fortsetzung.

Albert: (Sprengt an d'L  cht vu Fr  d.) Aha, dat ass jo grad d'Aff  r. Ech mengen, da kritt meng Mamm ganz bestimmt den Owend 2 Voller h  m.

Emil: O jo,   re P  re ass och scho gutt am Jumm.

J  ngelchen: All e'erleche B  rger kritt emol eng Ke'er eng un.

Commi: Dat d  t neischt, Jongen, drenkt eso'l  ng we' der w  llt, 't ass nemmen emol e Waldfest am Joer. (Schw  nkt den Zylinder an der L  cht a rift:) Vive d'Re'ser Musek! Musek, dir H  ren! (D'Musek spilt de l  schten Danz. De Commi d  t de Schneppel aus an den Zylinder of — geheit et an den Eck virum J  ngelche seng Fe'ss — d  n net faul, d  t alles schnell un a f  ngt eso' un ze danzen. De' aner r  nnen emmer widdert en, dass en an der l  sch net me' w  ss wuer e soll lafen. Et muss e richtegen Zodi entstoen. Ass den Danz zo' Enn, gin s'all vun der B  n erof bis op den Emil an de J  ngelchen.)

2. Sc  n.

(Emil an de J  ngelchen.)

Emil: (L  cht.) So't, J  ngelchen, elo sit dir Pr  sident vun der Re'ser Musek. An ech ge'f' iech bidden, zum Schluss nach eng kleng Ried ze hal  n, we' dat iwerall de Gebrauch ass.

J  ngelchen: (Klappt mat der Fauscht op d'Broscht a s  t:) Hei ass de Pr  sident vun der Re'ser Musc, aff elo get eng Ried gehalen. Entweder laf  n s'all fort oder sie bleiwen hei. (E klemmt op e Stull,    kaum huet e geruff: Dir Dammen an dir H  ren, hei ass de Pr  sident!) — leit en och schon vum Stull erof a st  ckt d'B  n d'L  cht aus. En hiewt sech e we'neg an d'L  cht vum Buedem, schw  nkt den Zylinder a rift:) Hei ass de Pr  sident a soss k  n aneren. — 22 Humpen, gequellte Gromperen an eng Porettenzapp am Leif. (En trellt erem ganz em, d'B  n d'L  cht aus, a rift:) Vive de Re'serbann! (Baussen de Kulissen f  ngt alles un ze l  chen. Den Emil an den Albert kommen erem eran, hiewen de J  ngelchen an d'L  cht a s  tzen en op de Stull.)

Emil: We' ass et dann, Hèr Präsident?

Jängelchen: (Huet den Hick.) Ick — Ick — (mecht en an engem Steck.)

Albert: (zum Emil) Ech mèngen d'gequellte Grompere ge'we platzen, de' wêchen elo ausernén.

Emil: Hèr Präsident! 't ass Feierowend! (E sètzt em den Zylinder op de Kapp.)

Jängelchen: (Hiewt sech vum Stull op, tirkelt doremmer a sét:; Elo gêt et hêm bei eist Kätt. Wat hun ech nach ze bezoulen?)

Emil: Neischt, Jängelchen, 't ass alles an der Rei. Haut ass Freibe'er fir iecli. Ge'f der kê me' drenken?

Jängelchen: O dach, wann ech e fir neischt kre'en, da lôss mer nach e Fâss opschloen, dann hellefen ech dat nach eidel mâchen; eist Kätt kann alt nach e we'neg warde mam Nuechtiéssen.

Albert: Firwat hât der d'Kätt net matbruecht op d'Waldfest?

Jängelchen: (lâcht) Seng Sonndes Schong ware nach beim Scho'schter an 't huet meng Wiertes net ukritt, du hun ech einfach zo' em gesot: «Alt Donnerwiéder, da bleiw dohém, dong deng Hâlett op a setz dech durbaussen op d'Mesch't an da fâns de Schiélmecken, dass eis Kluck mâr èppes ze friéssen huet. (Emil an Albert lâchen.)

3. Scén.

Commi: (Kent eran, d'Ärm erop gestreppt a sét:) Dajé Jongen, elo ass et ower Schluss. D'Leit sin all fort, lôss mer nach schnell de' mësch't Sâchen zesummafen, an da mâche mer ons och ewèg. Mâcht de' Girlanden do erof, wèll de' gin och mat hêm. Jängelchen, du gës mat mir d'Be'erfâsser zesummerullen.

Jängelchen: Hei hues du neischt ze soen, ech si Präsident am Hiddelbesch. (E klappt op d'Broscht.) Kuck, hei ass de Burgermëschter vum Re'serbann, Präsident vum Kanengersches Verein an eist Kätt, eist Kätt — — —

Albert: Setzt op der Mescht, Schiélmecken ze fânken.

Commi: (Gêt lues bei de Jângelchen, hölt en hanne mam Henner a läft hannerzeg zur Bün erof mat em a sét:) Da kommt, Hèr Burgermëschter. (De' aner zwe' fânken un d'Girlanden erof ze mâchen.)

Albert: Ma so Emil, we' war dat, dass den Hèr Wollef haut de Metteg eso' nervös war. 'T huet ên emol kên Humpen dierfen drenken virum Concert.

Emil: E gudden Dirigent muss eso sin, e muss seng Leit kënnen, muss sech können op se verlössen. E Wénk, da muss dé richtegen To'n do sini, wèll wann eng Blamage kent, muss de verstoen, dann ass se am urgsten fir den Dirigent.

Albert: Jé, jé, wat wir dann nach dobei, wann emol ên eng No't ge'f auslôssen. Eso' e klinzegt Dengen dat hätt dach secher neischt ze soen.

Emil: Ma jemmen a gewess, dat wir genug fir e ganzt Steck op d'Kopp ze geheien. Virun engem Concert soll ê kë Be'er drenken, mîrk der dat!

Albert: A so', dann hât den Hèr Wollef ower Recht; o Mamm, ech muss nach vill le'eren ir ech alles wëss.

Emil: Dat kent alles, 't ass kê Mëschter vum Himmel gefall; d'Hâptsâch ass, du hues Fréd un der Musek. Ech hu mech nemmle verwonnert, dass du als Ufänger de Metteg am Concert schon eso' gutt gespillt hues. Albert, du bass dengem Papp nogeschloen, Mat Leif a Se'l Musikant. An dèr brauche mir nach vill.

Albert: Luef en alt net zevill, e kent och alt oft benébelt hêm. Den Hitteng, de Schalbar an de Commi dat sin drei duschtreg Jongen. Wann de' eso'vill Wässer ge'wen drenken ass ewe' Be'er, da krit eis Gemëng nach oft e Prozess wént der Wässeriédong. (Emil lâchf a sét:)

Emil: Lôss du de' gewârd'en, de' wesse scho wat se mâchen. Lauschter emol, ech hun elo un eng ganz aner Sâch geduecht. We' wir et wa mer den Owend emol rem eng richteg ge'we stîchten.

Albert: Glâw du dat net, ech gin net me' matt, du wëss jo nach ganz gutt we' et gânge war, we' mer Tuns d'Hâm geholl hâten a Fisse Frin d'Schubkâr — nén, mei le'we Jong, ech gin net me' matt.

Emil: Lauschter dach emol no, mir huele jo këngem èppes.
Albert: A so', dat wir schon eng ganz aner Säch.

Emil: (Gêt bis no bei den Albert a sét:) Wéss de wuer mer gin. Beim Jängelche sein Haus, verstoppen ons hannert d'Heck a mache grad ass we' wann d'Kuedre freie gin. Mei le'we Jong, da geseis d'emoi en Zodi, du lâchs dech do't. Mir waren eng Ke'er owends no der Pro'f dorower gângen, démols war de Jull och matt, dé kënnnt dat besser ass we' mir. Mä do häss de d'Schnappskätt solle gesin; 't ass mat der Lûcht virum Haus rem gelaf mat der ro'der Nues, du lues grad gemëngt et wär eng Traulîcht.

Albert: Jo, ech wëss et, 't kann dat émol net ausstoen, sét et. Ech wëss dass et de Jängelchen eng Ke'er gedoen huet eng ganz Nûcht heibaussen an engem Fâss setzen, nuam Juogdgewiehr op d'Kuedren ze lau'ren; an du ass dé jo entschlaf, a mei gudde Jängelche so'tz muerges nach dran ze neipen.

Emil: Donnerwiéder, a wa mi en den Owend sengerliéwen am d'Fâss kre'gen, ech ge'f eng Tourni zum bëschten.

Albert: Den Owend wir en hurtig entschlaf. (läch.)

Emil: De Jull muss onbedengt matgoen. Lauschter emol, huet elo kë geschwât? (Sie he'eren èppes am Besch a lafen allenzwe' kucken.)

Albert: (läch.) Hei Emil, komm emol hier kucken. Kuck emol de' zwe'n. De Commi mecht de Jängelche richteg blenkeg. Dat get grad eiser Affär.

Emil: Also we' gesot. Mir gin nach e we'neg op de Bal, mir sichen de Jull an da gi mer dohinner; wèll mir müssen do sin ir de Jängelche kent, dass de geseis we' dé vum Kätt empfänge get.

Albert: Ro'eg, elo kommen se. (Se gi schnell erem un d'Girlande schaffen.)

4. Scén.

De Commi an de Jängelche kommen op d'Bün gewänzelt. De Commi huet 4 voller Humpen am Grapp an de Jängelche rullt en eidelt Fâss virun sech.

Comm: Halt op, Jongen, hei ass et wo' et gelt. — Prost dir. Hieren! (E récht jidderengem en Humpen.)

Emil: Da lôss mer dén heiien op d'Gesondhêt vun onsem neie Präsident drenken! (Sie ruffen alle 4:) Vive de Jängelchen, Präsident vum Hiddelbesch!

Albert: (sëtzt em eng Musekskâp op a rifft:) A Präsident vun der Re'sermusek.

Jängelchen: Jongen, ir mer elo hei fortging, get ower och nach e Stéckelche gesongen. (Sie stëllen sech alle 4 an dat eidelt Be'rfâss an d'Mett vun der Bün. Musekskâpen op, Humpen am Grapp a fänken un:)

2. Lidd.

(Op d'Weis: Schön ist die Jugend, sie kommt nicht mehr.)

1.

We' sche'in, we' le'f ass dach am Sumner,
De Besch mat senge kille Pied;
Vergessë è licht Verdross a Kommer,
Setzt dir am Besch beim Fâss am Schied.

Refrain:

Durfir so' mir iech all
Leit aus dem Re'serdall,
Drentkt Be'er aus dem Groun,
Dé schmächt dem Monn.

De Jängelchen eleng:

En ass ganz gutt, ganz gutt,
Schwënkts hech an d'Lûcht den Hutt.

All zesummen:

Vive onse Mëschter Fonck,
Dé braut en Dronk!

2.

Wie wollt dann haut net mat ons drenken,
En Himpche blo'ss vun onsem Fâss.
Sitt fro' a fresch wann d'Gieser klenken,
Am Hiddelbesch bei Jux a Späss.

3.

Mir Musikanten, wollt dir et wessen,
Mir huelen d'Liewe vill ze licht;
Mir könne Be'er gur net vermessen,
Ons Strass de' muss sin emmer ficht.


Ous Brauerci de' hëscht Founk-Bricher,
Sic liwert ons dat allerbëschlt;
Dir get och voll, o glëft et sicher,
An 't ass och haut nach net fir d'hëschlt.

(Wann d'Lid fërdet ass, hiewen se d'Hunpen an d'Lücht
a jeitzen allegur:)

Vive den Hér Founk
A sei gudden Dronk! (Se drenken aus.)

Commi: (De Commi ass fir t'ëschtfërdet mat drenken, e
sét;) An elo gët et op de Bâl an da gef' nach me' we' e
gepo'tzt. Komm, Jängelchen. (Sie huelen sech an den
Arm an da gin se. Den Emil an den Albert gin hannen-
dru lâchien. — Schluss.)

RIDO.



1. Scén.

Am Fong geseit en en Haus. Lenks a rechts stin Dämmelém.
Virun Haus bei der Dir stet en âlt Fäss, de Buedem
muss hallef eraus gemächt gin, fir dass de Jängelchen
d'Bë kann derdurch strécken; op all Seit vum Fäss muss
e Krop gemächt gin, fir d'Séi drun ze strecken, wann
d'Fäss an d'Lücht gezu' get. Op der Bün ass et donkel.
Uewen hannert enger Fenster geseit en nach Lücht.
Wann de Rido opgët kent de Jull lues, ganz geheimnes-
voll op d'Bün geschlach, ma so'bal en d'Lücht hannert
der Fenster geseit, gët en un ew' de Blëtz. Wann e fir
d'zwët eremkent, ass d'Lücht aus, e gët bis bei d'Vischdir,
a peift e puermol. Den Emil an den Albert komme grad
ew'e' de Jull op d'Bün geschlach, pespere lues man Jull,
weise mat den Hänn dorernner, gi bei d'Fäss kucken,
hiewen et op, halen sech d'Beich vum lâchen (lues lâchen)
a krauchen da schließlech op d'Seiten an de Besch, fir
sech ze verstoppen. (2 Lenks an 1 rechts). Da gët de
Kätzekoncert un. Den Albert an den Emil setze lenks,
dat sin d'Kuederen. De Jull rechts ass d'Kätz. Dat muss
viraus gejibt gin, dass et e richetege Kätzkoncert get, we'
mer schon oft Nuets en he'ren hun. Sie jeitzen an engem-
drun. bis d'Kätt d'Fenster opreisst a Krêsch dët. An den
Hänn huet et zwâ älter Deckelen, 't klappt an 't rift.)

Kätt: Häscht, häsch — elo gët dé Kome'dî nès lass. — Hätt
der Deiwel nennen all Kätz — de' op der Welt ass.
Häscht, häsch, wöll der wuel ro'eg sin! (et klappt mat
den Deckelen, bis se ro'eg sin.) Onse Jängel kent den
Owend och nammel net erbei, elo ass et scho gleich
12 Auer an en ass nach sunner net hei. (Lenks fänkt e
Kueder nès un: Miau-rau-Miau.)

Kätt: Häsch — häsch — dat ass secher Häden hire Ro'den.
Kueder: Marau — Marau!

Kätt: (Klappt mat den Dèckelen.) O wärt, wann ech ofkommen, du ro'den Hond, ech rappen der de Schwanz aus dem Reck — Häsch! — Häsch! — (De Kueder ass ro'eg, d'Kätt mecht d'Fenster erem zo'. Kaum ass se zo', gêt de Kome'di erem fresch lass.)

Kätt: (Rappt d'Fenster erem op a werft e Puer aler Schlappen erof a jeitzt:) Wöll der wuel ro'eg sin, dir Zatzen, ech hale wuel jo — häsch! — häsch! (Klappt bis se erem ro'eg sin; 't mecht d'Fenster erem zo, et dauert eng Grimmenchen, lensk kre'en d'Kuederen nêss Streit matenén. Op émol get e Kome'di zum Deiwl eraus. De Jängel kent op d'Bün gewänzelt, de Schneppel an den Zylinder um Kapp, den Heliko emhänken a ble'st sei Mësch a sei Bëschit. E gêt bis enner dem Kätt seng Fenster a rifft:)

Jängelchen: Hé Kätt! Hei ass de Präsident vun der Re'ser-Musek. Vive den Hèr Präsident! (en tirkelt doremmer:) Vive eist Kätt! Hé Kätt, elo kriss d'émol eng Tusch geblossen. (E fänkt un um Heliko ze spinnen, et kommen elauter erbärmlech Te'n eraus, d'Kâtze jeitzen och matt, 't ass e Kome'di o'ngleichen.)

2. Scén.

Kätt: (Rappt d'Fenster an enger Roserei op.) A wat der Deiwl ass dach nemmen den Owend lass hei, 't mèngt è grad et wir Jéngsterdâg — häsch! — häsch! (Et geseit de Jängel mam Instrument.) A du alen Dabo bass och do, wölls de d'Maul halen, soss schie'ssen ech der e Schong dran. (D'Kâtze si ro'eg.)

Jängel: Vive eist Kätt! Vive de' Al am Vullekuerf! (E fänkt erem un ze blosen, d'Kâtze jeitzen och erem matt.)

Kätt: (Hält sech d'O'erent zo'.) Jesses Maria, wat ass dat fir e Kome'di, wölls de wuel ophalen, hé Jängel, ('t höllt e Prappli a facht nom Jängel) wölls de wuel ro'eg sin, du alen Efalt! (De Jängel hält net op an d'Kâtzen halen och net op. D'Kätt werft nom Jängel mam Prappli, da mat enger Huttekescht, et können der 2—3 sin, eng

Fraleitsbox — eng Blous — e puer Strömp — de Pillem vum Bett, alles wat et nemme fönt, mà de Jängel hält trotzdém net op. D'Kätt mecht an enger Roserei d'Fenster zo' an et kent am Nuetshiém erofgelaf, de Biésem am Grapp a mecht bei de Jängel.) Wölls de wuel d'Trap aus goen, du alen Dabo, schums du dech da gur net. Em i Auer nuets hêm ze kommen, voll ewe' e Schwein an dann nach eso' e Kome'di hei ze mâchen! (Et kropt him der nach e puer.) A nu schnell d'Trap aus mat der! —

Jängel: Hé Kätt, ech wollt der jo nemmen eng Tusch spinnen. Kuck eso'. (E sëtzt erem un a wöllt spinnen.)

Kätt: Wölls de d'Maul wuel halen! (Et mecht bei de Jängel bis en am Haus verschwonnen ass. (D'Kätt rëft alles zesummen, iwerdém sét et:) Wat ass ên awer geheit mat eso' Mansleit, wann ên net heiansdo eng klëng aus der Fläsch po'tze könnt, dann hätt è jo wirklech këng Fréd me' op der Welt. Wann de' Kâtzen nach net wiren, da géng et nach! (Et werft d'Strömp, d'Box an d'Blous an d'Bidden virun d'Haus a sét:) Do leit dat och gudd bis mar de Muergen, da mâche mer jo d'Wäsch, dann ass dat alt heinidden. (Et gêt main Rësch op.)

3. Scén.

Eng kleng Paus. — Lenks gêt et nêss un, lues a lues, bis dass schlisslech de Concert nêss am Gâng ass. 'T he'ert ên d'Kätt op der Kummer ruffen.

Kätt: Hé Jängel, ste' emol op, lauschter nemmen we' dat Ve'lî eso' elle mecht. Huel d'Gewiehr a sche'ss se!

Jängel: (Aus senger Kummer) O laf mer de Bockel era matt denge Kâtzen. (D'Kuedre jeitze ro'eg virun.)

Kätt: Hé Jängel, ste' dach op, et get è jo gëckeg!

Jängel: (rosen) Lôss mer meng Ro', ech he'eren neischt.

Kätt: A so', elo bass d'e ganzen Dag doremmer saufe gângen an elo ass dat der scho vill ze vill fir e Schrack bis baussen d'Dir ze mâchen. Mâch dass d'elo geschwenn op de Bê bass, soss kommen ech erof an da gêt et se'er! (Et he'ert ên de Jängel grommelen.)

Jängel: (Kent op émol an enger Roserei zur Dir eraus gelaf,

am Calzong, d'Juogdgewich enner dem Arm a riift:) I läsch, häsch — dir Lo'deren do, 't ass én emol net enstand fir eng Nuecht ro'eg ze schlafen, matt dem Veh.

De' e'schit de' elo kent, de' get erschoss, do ass kë Par-dong me'. (E lëft e we'neg dorrenner kucken a sét;) Wann ech nemme we'sst wo' de' Lo'dere setzen, 't geseit én se met. A wârt, sie setze villeicht hanner dem Haus. (En hält d'Gewehr fertdeg am Grapp fir ze sche'ssen a gët ites links of hanner d'Haus.)

Jängel: Häsch — häschl — brr — brr — woll der wuel eraus go'en, dir Lo'deren! (E schle't Kome'di hanner dem Haus. No enger Weil kent en erem a sét:) "T ass euol eng schro Säch mat déne Kätzten, sie jeitzen a sie jeitzen an 't geseit én ower neischit. O wârt, elo setzen och nich emol erem eng Grinnelchen an d'Fäss, we' d'feschter, du hât ech Jo'cken hiren decke Schwärze bal erschoss. (De Jängel stèlt sech nach emmer e we'neg voll.) Donnerwieder, wann ech de seugeriéwen zum Schotz kréch, da krite mer an den e'schten Dég emol ion eng Ke'er en Hhesenzivi. Da köunt onst Kätt erem crziele goen: «He'er der, Nopesch, onse Jängel huet nés en decken ites geschoss.» (E stèlt d'Fent bei d'Fäss.) Elo get ower nach fir t'eschit eng ugennächt, ir ech an d'Fäss klammen, da gët et mat Damp. (E gët an d'Haus, necht eng un, kent erem a klamm an d'Fäss, hölt d'Ge-wehr an de Grapp a sét;) Nu gar la Box den e'schten dé kent. (En huppt sech niddar, eso' dass én nemme grad me' d'Kopp geseit, heiansdo ble'st en en decke Strapp Damp zum Pontlach eraus a kuckt och èttech Mol iwer de Bor vum Fäss, co nach keng Kätz soll do sin. Ob émol ass en entschlof, am Fäss re'ert sech neischit me'. De Jull kent vu rechts op d'Bün geschlach, gët bei d'Fäss a lust zum Pontlach an. Et he'ert én de Jängel an Fäss ronken. Durno rift de Jull de' auer zwe'n erbel. De kommen och eran, gin ebenfalls bei d'Fäss a fänken un ze lächen, dietecken eng Weil einer sech an droe schliss-lich d'Fäss man Jängel an d'Mett vun der Bün, mächten e Sel un d'Fäss an zéhen de Jängel an d'Lücht. D'Sel ass viraus ze prépare'eren, dass é kann hanner de Kulis-

sen d'Fäss opze'hien. Wann d'Fäss an d'Lücht gët, erwächts de Jängel a fällt mat engem Bén zum Buudem eraus an dët schreckliche Krêsch. E sche'sst an d'Lücht a jeitzi;) Hellef, Hellef — sie schloe mech do't, sie schloe mech do't! — Hé Kätt, hé Kätt, Hellef, Hellef! (En ze't d'Bén erem erop.) Au, mei Bén, au, mei Bén! (E schle't è Bén iwer de Bor vun Fäss, fir eraus ze klammen, mä den Emil kent hurteg gesprongen a kläckt em eng hanner op.) Au, au, au, ech stierwen, ech stierwen! Hé Kätt, hé Kätt! (Sie zéhlen d'Fäss main Sel op an of, de Jängel dët erem Krêsch, en hänkt nés mam Bén ennen eraus.)

4. Scén.

Kätt: (erwächts, rappt d'Fenster op a jeitzt:) A wat der Dewel ass dann elo nammel lass! (Schle't d'Hänn um Kapp zesummen.) Jesses, Maria! Hellef, Hellef! Hé Jängel — hé — o meng nei Spetz-e-Box, meng sche' Blous! (De Jängel ze'ht d'Bén nés erop.) A wat mech dén hèllegen Efalt nennen elo an der Bidde setzen, wölls de wuel eraus klammen. Ass dat elo ower erlabil!

Jängel: (le'sst d'Bén nés erof falen a jeitzt) O Hellef, Hellef, ech stierwen, ech stierwen — hé Kätt, hé Kätt — — — *Kätt:* A we' kens du äien Dabo eluer an de' Bidden, an nach eso' he'ch an d'Lücht, wölls de wuel eraus dra goe mat denge sténkege Fe'ss!

Jängel: Ma du geseis dach dass ech net eraus kommen.

Kätt: (rosen) Firwat bass de dann dra geklommen. Ech hât der jo de' lësch Woch gesot du därs net me' dran ze klammen, ewëll ech hätt se propper gemacht fir meng Box ze wäsch an fir Sauermo'ss anzuschneiden.

Jängel: Kätt, mein Engel, huel nich erof hei, ech fänke schon un schwindlech ze gin.

Kätt: Nix do, de' dech duer gehängen hun, de' können dech och erom erof huelen, vum sélwen ass dat Fäss net duer geflun.

Jängel: Majo, ech so'z dran fir op d'Kätzten uecht ze gin, an du sin ech entschlof, a we' ech du erwächts sin du hong ech hei. (rosen) Dat war kën anuer ass we' de' nider-trächteg Honn.

Kätt: Du ârmse'lege karel, andu wölls nach Präsident sin vun eso' enger Band. Geseis de dann net we' se de Geck mat der mâchen. (Lâcht) Vive den Hèr Präsident an der Mo'ssbidden!

Jängel: Präsident gin ech a wanns de nach eso' rose ges.

Kätt: En Efalt bass de -- a soss neischt — et wir besser du ble'fs heihém andu ge'fs deng Arbecht mâchen. Fir deng Strof bleifs d'elo mol e puer Stonnen eso' do hänken. Gudde Nuecht, Hèr Präsident! (Et mecht d'Fenster zo'.)

Jängel: (Fängt un ze kreischien.) Hé Käty, huel mech eroft — Hé Kätt — ech mäche neischt me' eso' — ech wöll net Präsident sin, huel mech eroft! — Hé Kätt, ech drenken och neischt me'! (Wann d'Kätt dat he'ert, mecht et d'Fenster erem op.)

Kätt: A, wanns de mer versprechs neischt me' ze drenken, danu huelen ech dech elo direkt eroft.

Jängel: Jo, jo, Käty mein Engel, ech drenke gur neischt me'. (D'Kätt mecht d'Fenster zo' a kent eroft.)

Kätt: A we' soll ech dat da mâchen?

Jängel: Kuck hei, dat Sël elei ass secher eluer un de Bâm ugestreckt, mäch dat nemme lass, da fällt d'Fass eroft. Mâch ower lucs, dass ech net nach e Bê briechen. (D'Kätt gêt an de Besch, an no enger Weil fällt op émol d'Fass inam Jängel eroft op de Buedem. De Jängel dêt Krêsch:) Autsch — Autsch, ech sin do't, ech sin do't — o meu Reck. Hé Kätt, ech mengen (en hält de Bauch) ech hätt eng Treipeverschleppung.

Kätt: (Kent an engem Otem era gelaf.) Ass èppes geschitt, Jängel — Hues du der we' gedoen?

Jängel: Jo, Kätt, de Schrèck ass mer an de Mo gefuer, et ass eng Treipeverschleppung am héckste Grad; lauschter emol we' d'Hèrz mer klappt, autsch — autsch —

Kätt: (lauschtert) O Jängel, et klappt grad we' den e'schten Dâg we's de bei mech freie ko'mst, du muss onbedengt èppes kre'e wat dech bero'egt. Ech mèngen eng gutt gro'ss Drepp, dat wir dat allerbèscht.

Jängel: Jo, jo, Käty mein Engel, laf se'er, wèll et get mer emmer me' schlecht — autsch — autsch! — (D'Kätt lëft an d'Haus ân, esobal et fort ass lâcht de Jängel dass e bâl emfällt a sét zo' de Leit:) Eso' muss ên et mâchen, fir haut mat der Welt mat virun ze kommen. Ons Nuese weisen et aus, dass d'Schnappsfläsch emmer an der Noperschäft muss sin. (Wann en d'Kätt he'ert kommen, da mecht en sech erem èllen:) Au — au — meu Bauch —

Kätt: (Schénkt eng Drepp eraus a sét:) Hei Jängel, huel de' hei, da get et der besser. (De Jängel drenkt se an engem Zock.)

Jängel: Ei! Kätt, wo' hues de dén hier, dén ass net schlecht. O Mamin, we' get et mer elo obémol eso' drolech, autsch —mei Reck!

Kätt: Ass et der nach net besser, Jängel? Hei huel emol nach eng.

Jängel: Jo, Käty, dat ass dat allerbèscht. (En drenkt se.) Ei, ewèll ass et mer vill besser — 't ass ower neischt iwer eng Drepp.

Kätt: (hölt och eng) Ech war och nach emmer dèr Ménong.

Jängel: Du hues Recht, Kätt, wèll wat me'che mer da mat onse Nuesen, wa mer neischt me sollten drenken.

5. Scén.

(De Kâtzeconcert gêt erem un. Den Emil, den Albert an de Jull fänken op émol rem un ze jeitzen — Miao — Miao ...)

Jängel: Ma do soll ower en Donnerwieder dra schloen, eso' èppes hun ech nach net erließt! (Sie sprangen allen zwê op d'Hecke lass.) Häsch, häsch — wöll der wuel goen! (De Jängel gêt bis an de Besch, op émol he'ert ên e ruffen) Hé Kätt, komm emol hier kucken. — Hei setzen d'Kâtzen. (E kent op d'Bün an huet den Albert mam O'er.) Ha, du nidderrächtegen Hond, dann hätte mer jo elo mol eng gefängen.

Albert: Autsch, autsch! Ma sot emol, Jängel, dir rapp engem d'O'er jo ewèg. Autsch — autsch!

Kätt: Dir niddeträchteg Honn, wat erlابت dir iech, fir de Geck mat onsem Jängel ze mâchen —

Jängel: Wo' sin de' aner, wèll du bass dach secher net elèng.

Albert: Nén, den Emil an de Jull sin nach bei mer, de' wèrde secher fortgelaf sin; wèll wann d'Strêch ausgedélt gin, da sin ech emmer elèng. (Fänkt un ze kreischen.)

Jängel: Ro'eg, du kriss och këng, wèll ech wéss bestemmt dass du d'Sâch net ugestiwelt hues. Wann ên et war, da war et kënner aneren ass we' den Emil.

Kätt: Dén zackerdjessen Hond, wann dé mer émol an d'Fangere läft, da kritt dén de Buscht opgekämmt, dén huet der Deiwel an der Kopp.

Jängel: Mat dém ass net vill ze wollen, dén ass nun émol eso'. So, Albert, war de Jull dann net derbei.

Albert: Dach, de Jull huet de Kâtzekoncert organise'ert. —

Kätt: We', wat sés de do, d'Kâtzen? Hutt dir de Kome'di gemächkt. O schrecklech, a mir domm Leit hun natirlech genièngt et wäre richteg Kâtzen. — —

Jängel: (lâcht) De' ass net schlecht. An ech lësel so'tz nach Stonne lâng mam Gewiehr an der Mo'sbidden, op onsem Kätt senger neier Box, an hu gedrëmt et wiren honnert Kuedren em mech erem, an op émol hung ech douewen an der Lûcht ze struewelen.

Albert: (lâcht.)

Jängel: Gef uecht, Männchen, lâch net, wèll soss muss ech der dach nach eng kropen.

Albert: Majo, Jängel, ech konnt jo net derfir.

6. Scén.

Emil a Jull: (jeitzen op émol am Besch:) Vive de Präsident an der Mo'sbidden! Vive d'Kätt! Vive de Jängel! (Da kommen se op d'Bün. — D'Kätt, dat d'Schnappsfläsch nach emmer an der Hand huet, an heiando eng kleng gepo'tzt huet, lëft op se dur a sét:)

Kätt: Get uecht, Jéngercher, de' Ke'er gët et net eso' licht eroft; dir kritt d'Gendarme gescheckt, dir get des Ke'er gele'ert de Geck mat de Leide mâchen. — Ass dat dann nach erlابت, fir engem um hëlle Sonndeg eso' e Kome'di bei der Dir ze mâchen.

Jängel: Jo, Jongen, dir dreift de' Sâchen a lëschter Zeit vill ze bont; dat muss ophe'eren!

Emil: Körn der ons dann nach eng Ke'er verzeihen, Jängel? Ech, als de grësste Missetäter, ech bieden iech drem. Mir verspriechen iech och zo' gleicher Zeit, nie me' owends Kome'di ze mâchen, oder irgend engem Mensch eng ze stïchten.

Kätt: Jé, jé, pâck an, wievillmol hues du dat scho versprach, an net gehalen.

Emil: Op mein E'rewuert, 't ass fir d'lësch.

Jängel: 'T ass gutt, Jéngercher, 't ass alles an der Rei, dir kritt nach eng Ke'er verziehen, mä måcht dass ech neischt me' he'eren.

Albert: Donnerwiéder — dat do ass namel eng Ke'er gutt eroft gängen.

Jängel: An zum Schluss schett ons nach eng eraus, Kätt, dann drenke mer de' nach zesummen op d'Gesondhët vun onsem richtegen Hèr Präsident vun der Musek. Ech hun haut gesin dass ech net tauglech sin fir eso' èppes. (D'Kätt schett eng Drepp eraus, sie schocke matenê, schwënen d'Kapen an d'Lûcht a ruffen:)

All zesummen: Onsen Hèr Präsident soll liewan! Hoch, hoch! (Sie sangen en Hoch, drenken aus, d'Kätt drenkt aus der Fläsch.)

RIDO.
